ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 196

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:12, 09/03/2021

Lëtzebuerg, de 9. Mäerz 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, eng mëndlech Fro (Art. 83) un den Här Staats- a Medieminister iwwert de Film “An Zéro” (Joer Null) stellen ze däerfen.

De fiktiven Dokumentarfilm “An Zéro”, dee vun Arte a vum NDR mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Film Fund Luxembourg produzéiert gouf, war vun der Regisseurin eigentlech mat der Intentioun realiséiert ginn, ze weisen, datt bei engem Stéierfall zu Cattenom ënner Ëmstänn méi Schued duerch déi panesch, irrational Reaktioun vun der betraffener Bevëlkerung géif entstoe wéi duerch d'Radiatioun selwer. Trotzdeem hätten déi Verantwortlech vum Documentaire doraus quasi ee Propaganda-Film géint d'Atomkraaft gemaach. Wéi steet den Här Medieminister zu deene verschiddene Kritiken, déi am Zesummenhank mat deem Film zum Ausdrock bruecht goufen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding

Deputéierten